Pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här
Christian Welter
Conseiller Communal

43, Avenue de la Gare

L-4873 Lamadelaine

Referenz: 2020.42157.SECR

Péiteng, den 23. Oktober 2020

Betreff: Är Froe vum 24. September 2020

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 24. September 2020 hutt Dir dem Schäfferot folgend Froe gestallt :

Här Buergermeeschter,

sou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wëll ech dem Schäfferot a Buergermeeschter eng Fro stellen.
Verschidden Enseignanten zu Rodange hunn eis kontaktéiert, well si aktuell IT-technesch net gutt ausgerëscht sinn. Effektiv krut d'Léierpersonal, eisen Informatiounen no, versprach, datt se fir hier Klassen Laptoppen a Tablettë géife kréien.
An deem Zesummenhang wëll ech dem Schäfferot a Buergermeeschter dës Froe stellen:
1. Wéi vill Tabletten huet all eenzel Primärschoul hei an der Gemeng zur Verfügung?
2. Wéi vill Laptoppen huet all eenzel Primärschoul hei an der Gemeng zur Verfügung?
3. Wäert de Schäfferot dem Léierpersonal an Zukunft méi IT-Material zur Verfügung stellen? Falls jo,wéi eng Geräter an a wéi enge Quantitéiten?

Merci fir Är Opmierksamkeet an Äntwert,

Christian Welter
Gemengeconseiller

(Den Dossier gëtt behandelt vum Här/Madamm -Tél.: 50 12 51 -)

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

1. Am Moment huet d'Gemeng kenger Schoul Tablette kaaft oder geleast.

2. D'Gemeng least am Moment 3 Laptope fir d'Presidente vun deenen 3 Comités d'école. Fir d'Gebai "Am Park" ass säit Januar 2018 e mobile Chariot mat 20 Laptopen geleast, dëst well d'Schoul hir "Salle informatique" huet missen opgi beim Ausbau vum Gebai.

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures

Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail:
Site Internet:
N° TVA: LU 102 90 925

Fax: 50 12 51-2000
commune@petange.lu
www.petange.lu
N° fiscal: 00005132118

3. De Schäfferot ass amgaang mam Schoulservice an de Comités d'école e Konzept aus ze schaffen an ze kucke wat am Kader vum Budget 2021 ka realiséiert ginn.

Mat beschte Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures

Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail:
Site Internet:
N° TVA: LU 102 90 925

Fax: 50 12 51-2000
commune@petange.lu
www.petange.lu
N° fiscal: 00005132118